DE BISTOURI

EDITORIAL

Léif Medezinstudentinnen a Medezinstudenten, den ALEM-Comité wënscht ierch en schéint neit an erfollechräicht Joer! D'Joer 2010 gouf matt enger flotter *Assemblée Générale (AG) Ordinaire* cloturéiert bei där mier vill néi Memberen an eisem Comité begréiße duerften. Vu datt d'ALEM ëmmer mei komplex gëtt, eng gréißer Präsenz bei den Medezinstudenten ubidde well an déi bescht meigelech Berodung garantéiere wëll, gouf eise Comité däitlech erweidert. Wéi dier secherlech wesst wollte mier op eiser AG d'Statuten änneren. Leider konnte mier daat net machen well net genuch Memberen matt ofgestëmmt hun. Dofier wärte mier demnächst eng AG extraordinaire organiséieren, wou dier natierleche erëm häerzlech agluede sidd. Weider Informatiounen kritt dier demnächst per E-mail gescheckt. Wichteg: Mier brauchen nach en Membre consultant Uni.lu fir eise Comité ze vervollstännegen! - Dier léiert vill nei Medezinstudente kennen an sidd an eisem Team gudd opgehuewen ;o).

2011 gëtt en ganzt ambiziéist Joer, well mier probéieren natierlech alles nach besser ze maachen wei 2010:
Op nationalem Plang versiche mier a Campagnen méi aktiv ze sin, außerdem soll ‚Démographie médicale 2010' veröffendlecht gin (all Member kritt en Exemplar gescheckt). D'Projet'en vun 2010 (vun denen ennen verschiddener ugefouert sin) gin natierlech beibehaalen. Mier informeiren ierch 2011 och iwert den 3ème cycle médecine générale op der Uni.lu.
Waat den internationale Plang betrëfft versiche mier ierch rem sou gudd wei méigelech iwert Ännerungen an den eenzelnen Studienlänner ze informéieren. Och d'IFMSA Deelnahm soll dëst Joer erëm groußgeschriwe gin.
Op eisem Internet Site ww.alem.lu gin 2011 och eng Rei Verbesserungen fiergeholl.
Dest an nach secherlech vill Aneres erwaard d'ALEM 2011, dofier hoffe mier datt dier eis trei bleiwt an är Memberschaft erneiert am Laaf vum Joer (dier kritt eng Noricht wann äre Konto ofleeft). Mier brauchen är Ënnerstetzung damat mier eis Projet'en optimal ëmsetze kënnen. Fier ierch eis Aktivitéiten méi schmackhaft ze machen, hu mier hei den Bistouri rem agefouert. Mier wellen eis Begeeschterung fier sozialt Engagement mat ierch deelen – Medezin ass méi wei nëmmen e Studium.

Äre Comité 2011

Comité 2011
Président: **Nelson Nascimento Dias (F)**
Vice-Président: **Sébastien Rinaldetti (A)**
Secrétaire: **Isabelle Jung (B)**
Trésorier: **Tiago Fernandes (F)**
Responsable sponsoring: **Elsa Ceotto (F)**
Event Manager: **Max Wagener (A)**
Webmaster & MC France: **Jorge Rodrigues Batista (F)**
Membre consultant (MC) Allemagne: **Charles Gieres (D)**
MC Autriche: **Jamila Kremer (A)**
MC Belgique: **Deborah Petry (B)**
MC 3e cycle FSMG : **Conny Hanff (L)**
MC Luxembourg : **Vacant!**

Visite Air Rescue (07.04.10)

Eng “gëllen Auer” tickt... rücksichtslos, mir all spieren se. Mee virun allem héieren a spieren déijéineg se, déi am Moment ëm hiert Liewen kämpfen.
Mat dëser batterer Realitéit setzen sech tapfer Männer a Fraen auserneen an engagéieren sech fir déi aaner. Hei geet et ëm d’Lëtzebuerger-Air-Rescue Mataarbeschter!

D’ALEM hat am Abrëll eng eenzegaarteg Geleegenheet en reellen Abléck ze kréien iwer dat, wat mir Vollékslait “Air Rescue” nennen!

Sou sin mir Mettwochs den 7. Abrëll op de Findel gaangen, fir eis iwer den “Wéi, wat, wou?” ze informéieren.

Een informatiounsräiche Moien gouf eis virgehaalen vun der Madame Nonnweiler, der Responsable fir Markting an PR, sou wéi och vun engem LAR-Noutfall-mediziner, engem LAR-Pilot an engem LAR-Sanitäter. Un éischter Stell sin mir natierlech nierft een vun deenen LAR-Rettungsheli-kopteren stoen gaangen, waat des Virféierung och duerchaus mei anschaulech gemaach huet.
D’Wuert war dunn ganz dem Noutfallmediziner iwerlooss, deen eis gewisen an erklärt huet mat wéi engen Materialien esou e Rettungshelikopter augestatt ass an

wéi d’Rettungséquipe des Apparater souwéi déi medizinesch Instrumenter an deene verschiddensten Noutruffssituatiounen handhaabt.
Noutfall-Packs, souwéi en ECG-Apparat, Laryngoskop, Beotmungsmaschinn oder och noutwenneg Substanzen, déi an Reanimatiounsservicen gängeg sin, sin och hei erëmzefannen

Weiderhin huet den Dokter dunn, verschidden Aspekter vun senger passionanter Aarbecht sou wéi och de Wee zur Ausbildung vun engem Noutfallmedizinner erläutert. Zudem huet en virun allem betount, dass et an esou enger Aarbecht ni zur Routine kennt an een sech souwuel mat flott an eenzegaartege Momenter souwéi och mat munch emotiounsräichen Zoustänn befaasse muss.

Uschléissend ass de Moien mat engem, bessen manner medizineschem, awer héich intressanten technschen

Deel weidergefouert gin, wou den Air-Rescue-Pilot Meeschter war. Dësen huet eis dunn de Rettungshelikopter virgestallt an a vereinfachter Faassung déi wichteg Komponenten, kloer gemaach.

Wat dann d’Air-Rescue Visite optimal ergänzt huet war en LearJet, den haaptsächlech fir Repatrimenter vun Patienten benotzt gëtt. Dësen Jet kann eng Persoun plus Begleedung, Dokter an Infirmier transportéieren, an flitt all Woch ronderem dei ganz Welt.
De Rescht vum Moien gouf dunn mat enger interessanter PowerPoint Présentatioun gekréint, an där d’Mme Nonnweiler eis verschidden Air-Rescue Asätz wäit aus Europa eraus weisen wollt, bis mir op eemol selwer Zuschauer gi sin vun engem «op-den-Moment-Start » an konnten live erliewen wéi en Deel vum Alldag an enger LAR-équipe ofleeft.

Waat mir vun esou engem flotten an opreegenden Moien verhalen, ass dass, d’Air-Rescue fir Kompetenz a Qualitéit souwéi och fir Flexibilitéit, Schnellegkeet a Vertraue steet. Een an allem, en Team op dat ee sech verloossen kann!

Aleandro D‘Amico
Deborah Petry

Petziklinik 2010 - Een Daag als Petzidokter

Dest Joer war d'Alem och erëm beim Gesondheetsdag vun der Diddlenger Gemeng dobai.

Sou hun mir Samsdes den 26. Juni eis Petziklinik op der Gemengeplaz opgeriicht. Ab 9h konnten Kanner mat hiren kranken Petzien bei eis laanscht kommen, fir se vun eis ennersichen ze loossen.

Als éischt hun d'Kanner sech an der Rezeptioun ugemellt an sin vun do aus bei den Nounoursologue an d'Konsultatioun geschéckt gin. Demno weivill Patienten do waren, missten se sech am Waardesall gedellegen. De Petzi as ënnersicht an gepflegt gin, an d'Kand krut alles genau erklärt. Wann de Petzi eng schlemm Verletzung hat, wat ganz oft de Fall war, as d'Kand mat sengem Petzi an d'Radiologie geschéckt gin. Wann d'Röntgenbiller gewisen dass ëppes gebrach as, an de Petzi huet misse gegipst oder seguer operéiert gin. Dofir war eisen Chirurg zoustänneg. Zum Schluss sollten d'Kanner nach an d'Apdikt goen, fir do déi neideg Medikamenter fir hiren Petzi ze kréien. Den Apdikter huet hinnen dun och erklärt wat d'Medikament bewierkt, an wéi si hiren kranken Frend sollten versuergen.
Heimat wëlle mir de Kanner d'Welt vun den Spideeler méi nobrengen, an hinnen d'Angscht virun den Dokteren ewech huelen. D'Kanner sin all no hirer Visite an eiser Petziklinik erëm ganz zefridden heemgaangen.

Fir d'Medizinstudenten war d'Petziklink och eng gudd Erfahrung. Mir hun geléiert wéi een mat Patienten emgeet an virun allem wei een de Kanner dei komplizéiert Medizin kann eriwerbréngen. Ausserdem huet et eis all Spaass gemaach! An eiser Petziklinik war dëst Joer en groussen Undrang. Ëmmer mei Kanner sin firwelzeg, an brengen hiren Petzi mat. Fir sech kënnen voll a ganz ëm dei eenzel Kanner ze këmmeren, as eng motivéiert Equipe vun villen verschiddenen Petzidokteren néideg.

Awer net nëmmen Kanner sin eis dest Joer besichen komm. Den Här Minister Mars Di Bartolomeo as laanscht moien soen komm an hien huet sech vill mat eis ënnerhalen. Een vun eisen Petzidokteren hat seguer d'Eier him de Bluttdrock ze mossen.

D'Petziklinik hat also Erfolleg an „Gesond Diddeleng“ an d'ALEM gin ierch elo schon Rendezvous fir d'Petziklinik 2011!

Deborah Petry

IFMSA – August Meeting: D'ALEM war dobäi!

D'ALEM war 2010, endlech erem beim August Meeting (AM) vun der IFMSA dobäi, dës Kéier war d'Thema ‚*Health and the City*'. D'*International Federation of Medical Students' Associations* hat dëst Joer iwer nénghonnert Studenten op hier AM zu Montréal-

Canada agelueden. Den Nelson huet d'Gelegenheet mam Schopf gepak an huet d'ALEM dohannen representéiert.

Konkret handelt et sech em eng Assemblée générale déi d'Form vun engem Meeting huet. D'Medezinstudentencerclen vun der ganzer Welt treffen sech do fier hier Erfahrungen auszetauschen an hier Projeen fierzestellen.
Außerdem huet den Nelson vill nei Bekanntschaften zu Kanada gemach, an wertvoll international Kontakter geknüpft.
Et goufen och vill interessant Workshops organiséiert, an deenen een nëtzleches fier Studium, Associatioun an d'Liewen geleiert huet. Als President vun der ALEM hat den Nelson en volle Programm mat ville Versammlungen.
Mee sou gudd d'Medezinstudenten och schaffe kënnen, sou gudd kënnen se och feieren. All Nuecht gouf gefeiert! Et get och emmer en Owend organiséiert wou all Land seng kulinaresch Spezialitéten fierstelle kann.

2011 hofft d'ALEM méi Leit kënnen op den AM vun der IFMSA matzehuelen. En ass des Kéier zu Kopenhagen mam Thema ‚*Health and the Future*'!

Sébastien Rinaldetti

Stellungnahm: Gesondheetsreform

Grad well eist Medezinstudium zum gréissten Deel am Ausland ass, musse mier eis Aan grouß opbehaalen fier all d'Neiechkeeten, déi eist Gesondheetssystem betreffen, mattzekréien. All Medezinstudent ass spéider am Beruff vun den Ännerungen un der Gesondheetsreform betraff, dowéinst ass et wichteg elo scho matt ë bëssen ‚esprit critique' un déi aktuell Debatt erunzegoen.
Et sief awer am viraus erwähnt, datt den ALEM-Comité aus Zeitgrënn (Studium geet fier) net dee ganzen Gesetzesprojet duerchgelies huet.
Eis Meenung iwert d'Gesondheetsreform baséiert op folgend Quellen: ‚Exposé des motifs' vum Projet de Loi, Zeitungsartikelen, RTL Video News, Pressekonferenz (iwert d'Reform vum Gesondheetsministère den 26. Juli). Zu verschiddenen Aspekter vun der Gesondheetsreform kënnen a wëlle mir awer keng Stellung bezéien, duerch ee Mangel u praktescher Erfahrung a well mir de Laangzäitimpakt vun där enger oder anerer Ännerung an der Reform net gutt genuch aschätze kënnen. Mir féieren nëmmen déi Punkten un, bei deene mir eis am Stand fillen e Jugement driwwer kënnen ze maachen.

Duerch eisen Unialldaag kréie mir Medezinsstudente scho fréi mat, datt Präventivmedezin déi wichteg Zukunftsmelodie ass. Den demographesche Wandel an Europa weist ganz kloer, datt an den nächste Jorzéngt den Duerchschnëttsalter vun den Patiente markant an d'Luut geet. Eeler Leit si méi ufälleg fir Krankheeten, also kënne mir en Undrang u kranke Patienten nëmme stoppen, wa mir verhënneren datt si iwwerhaapt krank ginn. Dëse Notze geséit och de Ministère a leet dowéinst vill Wäert op méi eng ausgeprägte Präventivmedezin.

Datt Generaliste méi opgewäert ginn, kritt och eis Zoustëmmung. Doduerch kann net nëmmen de Staat spueren, mä de Patient profitéiert och dovun.
Während dem Medezinsstudium kritt een de stännege Wandel a Wuesstum vum medezinesche Wëssen intensiv ze spieren. D'medezinescht Wëssen gëtt ëmmer méi spezifesch. Dofir begréisse mir d'Étableierung vu Kompetenzzenter, wou d'Patienten op Dokteren treffen, déi grad bei deene méi seelene Krankheeten oder komplizéiert Agréffer eng gewësse Routine behalen.

Et ass och fair a scho laang un der Zäit eng gréisser Transparenz an d'Ofrechnung vun den medezinesche Leeschtungen ze bréngen. Dës Initiativ begréisse mir un der neier Gesondheetsreform.

Wat mir, als ALEM net akzeptéiere kënnen ass, datt déi nächst 2 Joer d'Zuel vun de Spezialiste konstant gehale soll gin. Mier sinn eis bewosst, datt et ze vill Spezialiste zu Lëtzebuerg gi. Mier probéiere mat eiser *Démographie médicale* dem zukünftege Medeziner nozebréngen, bei der Wiel vun der Spezialisatioun, d'Nofro zu Lëtzebuerg ze beuechten.

Trotzdem si mir der Iwwerzeegung, datt et net déi richteg Léisung ass, fir déi nächst 2 Joer den neie Spezialisten méi oder wéineger d'Dier zou ze halen. Eng Laangzeitléisung ass dat scho guer net.

Datt den CNS Asiicht an de Patientendossier kann hunn, däerf net sinn. Dat ass eng Frontalkollisioun mam Beruffsgeheimnis a mat der Privatsphär vum Patient.

Schlussendlech si mir eis bewosst, datt dës Gesondheetsreform et net jidderengem ka gerächt maachen. Mee déi Argumenter, déi mir *géint* déi nei Gesondheetsreform ugefouert hunn, falen därmoossen an d'Gewiicht, datt een där Reform schwéier voll a ganz zoustëmme kann.

Äre Comité

Foire de l'étudiant (11.-12. November)

Den 11. an 12. November gouf an den Foireshaalen dei 24. Éditioun vun der *Foire de l'étudiant* ofgehaalen.
Eisen Stand war beléift wéi nach nie : eis Bicer sin fortgaangen wéi warm Bréidecher, geneesou wéi d'CEDIES-Brochüren déi mer regelméisseg hun missen bei den CEDIES-Stand siche goen. En plus, haat de Nelson

4 Flyer'en dobei, dei mer mattverdeelt hun : Reform an der Belge, aktualiséierten Tableau comparatif des études, Descriptioun vun der ALEM an ALEM-Aktivitéiten.

Dëst Joer war, wéi et schéngt, Medezin am Trend an et sin honnerten vun Schüler bei eis komm fier vill verschidden Froen ze stellen.

D'Froen waren typesch wéi zum Beispill d'Studien an Däitschland, Belge, Frankräich an Éisterräich, mee och Holland, England an Portugal. Aaner Froen waren wéi eng Réorientatiounen et an der Medizin gin. Et waren awer och aaner erstaunlech Froen dobei, wéi zum Beispill:« Huet een als Medezinstudent nach een Liewen? » D'Schüler waren all vun verschidden Sectiounen, wéi déi typesch C, awer och vun enger Général, Paramédical (->infirmière) an soguer vun enger Commerce. Et sin och Leit bei eis komm déi Veterinärsfroen haaten, wou mer natierlech net konnten vill erzielen (den Veterinärsstand wor eidel), awer och Leit matt Froen iwert Hiewammen.

Mier wollten och Workshops machen wou mer d'verschidden Länner présentéiren, Freides sin och Flyeren dozou verdeelt gin, mee mier sin nie wierklech dozou komm well den Undrang ëmmer an Wellen komm ass an den Stand villeicht bessen kleng war.

Jorge Rodrigues Batista



ALEM a.s.b.l.
53, rue de l'horizon
L-5960 Itzig

www.alem.lu / contact@alem.lu

BCEE LU49 0019 1000 3492 8000
CCPL LU62 1111 1567 5806 0000

RCS Luxembourg F5877

wat ass D'ACEL?

ACEL steet fir «Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois», wat esou vill heescht wéi «den Daachverband» vun all de lëtzebuergesche Cerclen, oder kuerz «de Studentevertrieder».

D'ACEL vertrëtt 37 lëtzebuerger Cerclen déi verdeelt sinn duerch 12 Länner. Déi Cerclen, wielen den ACEL Comité all Joer op hirer Wanter AG a sinn alleguer Member vun der ACEL.
Doriwwer eraus, representéiert d'ACEL awer och déi 5 fachspezifesch Cerclen, déi Studenten aus eenzelne Fachberäicher vertrieden.

wéi mécht D'ACEL dat?

1. D'ACEL informéiert d'Schüler an d'Studenten duerch :

• eng Rei vu Publikatiounen:
De **Guide du Futur Étudiant**, deen d'Schüler awer och d'Studenten iwwer déi verschidde Studieméiglechkeeten an de verschiddene Länner informéiert.
De **Guide du Futur Diplômé**, deen engem Student, dee sou gutt ewéi fäerdeg ass mat sengem Studium, hëlleft am Beruffsliewe Fouss ze faassen.

• eng Rei vu Manifestatiounen:
StudienInfo, wou d'ACEL de Schüler vun 2e a 1re hëlleft am Uni-Dschungel den Duerchbléck ze kréien.
Foire de l'Étudiant, wou all Schüler sech direkt op der Plaz mat der ACEL a mat de verschiddene Cerclen kann ënnerhalen a seng Froe stellen.

2. D'ACEL regruppéiert Studenten duerch :

• eng Rei vu Publikatiounen :
e-zoom, eng elektronesch Newsletter vu Studente fir Studenten déi 4 mol am Joer informéiert iwwer wat all déi aner Cerclen sou dreiwen.
Zoom 1200mm, eng Zeitung déi eemol d'Joer eraus kënnt an déi e "Zoom" op d'lëtzebuerger Studentenzeen ass.

wat mécht D'ACEL?

- Schüler a Studenten **informéieren**
- Studente **regruppéieren** an **zesumme féieren**
- **Sech fir Studenten asetze** virun den Autoritéiten, soubal dëst noutwenneg ass

E-leo, en internen ACEL Compte Rendu an deem all Cercle informéiert gëtt wat den ACEL Comité esou mécht.

• eng Rei vu Manifestatiounen :
Studentebal, dëse Bal un deem d'Cerclen aktiv matschaffen ass all Joer erëm e grousse Succès.
REEL, d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois, regruppéiert all Joer an enger anerer europäescher Stad 150 Studente fir iwwer all méiglech héichschoulpolitesch Themen ze debattéieren a sech och besser kennen ze léieren.

3. D'ACEL setzt sech fir Studenten an :

• D'ACEL steet a stännegem Kontakt mam Ministère de l'Éducation Supérieure, wou mer regelméisseg Entrevuen mam Här Biltgen hunn.

• D'ACEL sëtzt sech fir d'Problemer vun de Studenten wat Aide-Fi, Unerkennung vun den Diplomer, Stageplazen, asw. betrëfft an.

• D'ACEL vertrëtt d'Meenung vun de Studenten an ass politesch neutral.

ACEL
de Studentevertrieder

www.acel.lu

contact@acel.lu • (+352) 691 42 05 38/39/40